## 15. 8457 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 7 août 1961 relative à la création d'un fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg

Als nächste Punkt op eisem Ordre du jour vun haut steet de Projet de loi 8457, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Grënnung vum Fonds Kirchberg. Ech erënneren Iech drun, datt dëst e Riedemodell „avec rapport et sans débat" ass an deemno follgendermoossen opgedeelt ass: D'Rapportrice huet 5 Minutten, d'Regierung huet 5 Minutten. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Corinne Cahen. Madamm Cahen, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

**Mme Corinne Cahen** (DP), rapportrice | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass nawell e breede Programm haut, well elo schwätze mer vun de Missioune vum FUAK, dem Fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg, dee mam Gesetz vum 7. August 1961 an d'Liewe geruff gouf. Am Ufank war d'Missioun vum FUAK den Ausbau an den Amenagement vum Kierchbierg. Dat Éischt, wat de FUAK gebaut huet, war iwwregens déi Rout Bréck.

Mam Gesetz, dat ech Iech elo presentéieren, soll de FUAK eng zousätzlech Missioun kréien: d'Entwécklung vum sougenannte „Midfield", deen tëschent dem Ban de Gasperich an der Aktivitéitszon um Houwald läit. Mam Gesetz 8457 gëtt also d'Gesetz vun 1961 an deem Sënn adaptéiert, zousätzlech gëtt dovunner profitéiert, fir verschidden Artikelen ze aktualiséieren, ze preziséieren an ze moderniséieren.

Zum Beispill soll de FUAK ënner anerem d'Méiglechkeet kréien, Reegelen iwwert déi privat Notzung vun den Immobilien ze erloossen. D'Dispositiounen iwwert d'Enteegnung, wéi se am Gesetz vum 7. August 1961 stinn, sinn haut vereelzt, dofir ginn déi Dispositiounen erausgeholl. De FUAK kritt mat dësem Gesetz och d'Recht, iwwert d'Revente an d'Droits réels vun den Immeublen ze decidéieren, déi net ëffentlech sinn. Dat heescht, dass de FUAK kann iwwer e Weiderverkaf, mee awer och iwwer gewësse Rechter vun den Immobilien decidéieren, zum Beispill de Kaf, de Verkaf an esou weider, eeben alles, wat d'Immobilie betrëfft.

Dofir gëtt et dann och eng transparent Prozedur. De FUAK brauch, jee nodeem, eng speziell Autorisatioun vun der Regierung, fir dass dëst kann de gré à gré, also direkt tëschent de Parteien, ausgehandelt ginn.

Eng weider Ännerung betrëfft de President vum Verwaltungsrot vum FUAK. Ënner gewëssene Konditioune kann hie sech an Zukunft duerch eng aner Persoun representéiere loossen. De President kann och seng Ënnerschrëft, wéi gesot, ënner gewëssene Konditiounen un en aneren delegéieren.

Et ass scho komplizéiert hei, wa ganz vill hei niewendru geschwat gëtt.

*(Interruption)*

Jo, mee et ass scho komplizéiert, ...

**M. André Bauler,** Président de séance | Ech géif Iech bieden, e bësse méi roueg ze sinn an d'Rapportrice schwätzen ze loossen.

**Mme Corinne Cahen** (DP), rapportrice | ... sech fir de Rapport hei ze konzentréieren, wann Der alleguerte schwätzt.

Ech géif awer gären e Wuert zu den Avisen nach soen.

De Staatsrot huet virop bedauert, datt de Projet den Numm vum Fong net adaptéiert, sachant, dass dem Fong seng Missioun sech mat dësem Text erweidert an een dat och hätt kënnen am Titel berücksichtegen. De Ministère huet dëser Remark, déi jo keng Opposition formelle war, net wëllen nokomme mam Argument, dass den Numm vum Fong net eng Missioun am Numm misst hunn, déi zäitlech begrenzt ass.

Da gouf et fir de Staatsrot och eng Onkloerheet am Artikel 3. Deen hätt een esou kënne verstoen, dass de Fong eng zousätzlech Enveloppe vun 100 Milliounen Euro géif kréien, also on top vun där Enveloppe, déi souwisou scho virgesinn ass. Et sollt awer heeschen, dass de FUAK d'Méiglechkeet sollt hunn, e Kreditt kënnen accordéiert ze kréien, fir bis op 100 Milliounen Euro am Ganzen ze kommen. Där Remark vum Staatsrot gouf Rechnung gedroen.

An et gouf awer och eng formell Oppositioun vum Staatsrot: D'Delegatioun vun der Ënnerschrëft a vun der Representatioun vum President vum Verwaltungsrot vum FUAK wier am Text net u spezifesch Akte gebonnen. Laut Artikel 129 vun der Verfassung misst eng Delegatioun awer prezis vum Gesetz encadréiert sinn, fir de Bemierkunge vum Staatsrot Rechnung ze droen. Et sinn och hei déi néideg Amendementer gemaach ginn, den Text gëtt elo kloer Krittären un, déi mussen erfëllt ginn, fir dass de President säi Pouvoir kann delegéieren.

D'Handelskummer hat keng gréisser Remarken zu dësem Gesetz.

De Projet 8457 ass den 12. November 2024 vun der Mobilitéitsministesch deposéiert ginn. A mir hunn de Rapport de 5. Februar 2026 an der Kommissioun ugeholl. A fir méi Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. An domadder soen ech Iech villmools Merci.

An ech kommen och nach eng Kéier zréck, dat heescht alles, wat Der Iech ze soen hutt, kënnt Der vläicht bis dohinner maachen, an dann ass et herno vläicht e bësse méi roueg. Merci.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Cahen.

An dann huet schonn direkt d'Regierung d'Wuert, d'Madamm Mobilitéitsministesch Yuriko Backes. Madamm Backes.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci. Ech wëll der Madamm Deputéierter Corinne Cahen e grousse Merci soe fir dëse perfekte Rapport. Si huet alles am Detail erkläert, ech brauch dat net nach eng Kéier ze maachen.

Ech mengen, d'Entwécklung vun esou neie Quartieren ass wichteg fir eist Land, fir eis Wirtschaft, déi nei Infrastrukturen, déi mer brauchen, och am Logement ënner anerem. An ech mengen, ech freeë mech, dass mer hei wierklech mat der Stad Lëtzebuerg an och mat der Gemeng Hesper zesummeschaffen, fir dee Projet, deen de FUAK da wäert iwwerhuelen, och ëmzesetzen.

Villmools merci.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Ministesch.

Jo, mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8457. Den Text steet am Document parlementaire 8457[5].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8457 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Domat ass dëse Projet ugeholl mat 60 Stëmmen, also unanimement, eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gérard Schockmel) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 16. 8536 – Projet de loi modifiant :

### 1° la loi modifiée du 15 juin 2004 portant réorganisation de l'Administration des bâtiments publics ;

### 2° la loi modifiée du 3 août 2010 portant réorganisation de l'Administration des ponts et chaussées

An da kéime mer schonn zum nächste Projet de loi. Als weidere Punkt op eisem Ordre du jour vun haut steet de Projet de loi 8536, eng Ofännerung vun de Konditioune fir d'Ernennung vun de Membere vun der Direktioun bei der Administratioun vun de Ponts et chaussées. Ech erënneren Iech drun, datt dëst e Riedemodell „avec rapport et sans débat" ass, an deemno follgendermoossen opgedeelt ass: D'Madamm Rapporteur huet 5 Minutten, d'Regierung huet 5 Minutten. A, et ass en Här Rapporter, gesinn ech. D'Wuert huet elo den Här Rapporteur vum Projet de loi, den honorabele Gusty Graas. Här Graas, Dir stitt scho parat an dann hutt Dir och schonn direkt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

**M. Gusty Graas** (DP), rapporteur | Jo, merci, Här President. Den 28. Juni 2023 hate mir hei zwee Projet-de-loie gestëmmt, an zwar den 8122 an 8123 iwwert d'Waasser- an d'Naturschutzverwaltung. Do ass et deemools drëms gaang, Leit kënnen an d'Direktioun vun deenen zwou Verwaltungen ze nennen, déi net onbedéngt missten déi virgeschloen Diplomer opweises hunn.

Haut maache mer am Fong geholl dee selwechten Exercice mat zwou anere Verwaltungen. Et geet ëm d'Ëmännerung vun de Konditiounen, fir Member vun der Direktioun vun de Bâtiments publics ze ginn an och vun der Verwaltung vun de Ponts et chaussées.

Ëmgeännert ginn u sech déi modifizéiert Gesetzer vum 15. Juni 2004 iwwert d'Reorganisatioun vun der Verwaltung vun de Bâtiments publics an d'Gesetz vum 3. August 2010 iwwert d'Reorganisatioun vun der Verwaltung vun de Ponts et chaussées. D'Iddi ass am Fong geholl, och Leit aus dem Privatsecteur kënnen ze rekrutéieren. Dat heescht, mer schwätzen dee Moment och vu sougenannte „Quereinsteiger". An de Moment ass dat net méiglech, mee wa mer haut déi zwee Gesetzer stëmmen, dann ass dat awer an Zukunft, wéi gesot, och méiglech.

Da gëtt awer och eng Limitatioun vun den Diplomer opgehuewen, fir dat am Fong geholl och méi breet kënnen ze gesinn, well mer och der Meenung sinn, datt haut u sech awer an deene Verwaltungen, Staatsverwaltungen, och verstäerkt musse méi Managerqualitéiten opgewise kënne ginn. Da ginn, wéi gesot, och Spezialitéite vun deenen eenzelnen Diplomer da suppriméiert.

De Moment ass et jo esou: Fir kënnen an d'Direktioun vun de Bâtiments publics ze kommen, muss ee Fonctionnaire sinn an den Diplom als Architekt oder Ingenieur hunn. An duerch dësen Diplom, wéi gesot, huet een dann d'Méiglechkeet, dee Posten ze kréien. Mee haut ännere mer dann awer och duerch dëse Projet de loi d'Zuel vun Directeur-adjointen ëm. An zwar gëtt déi elo vun engem op zwee erhéicht. Wann den Direkter also absent ass, ass et normal, datt dann den Directeur adjoint kann ersetzen. An do gëtt dann natierlech de Rangeelste virgeholl. Dat huet natierlech och e finanziellen Impakt. An zwar d'Joresgehalt vum zweete Sous-Direkter: Dat läit bei 196.153 Euro geschätzt, well eeben déi Persoune kënne bis an de Grad 16 kommen, mat engem Maximum vu 594 Punkten.

Déi selwecht Krittäre gëllen dann eeben och elo fir d'Ponts et chaussées. An do kann haut just en Titulaire mat engem Diplom als Ingénieur en génie civil Directeur oder Directeur adjoint genannt ginn. Et ginn awer elo ëmmer méi Ingenieure mat verschiddene Spezifissitéite rekrutéiert. Déi kënnen awer de Moment net an d'Direktioun kommen. Dowéinst, wéi gesot, gëtt dann och hei dat elo geännert, well dat haut u sech och net méi dem reelle Besoin vun der Verwaltung vun de Ponts et chaussées entsprécht.

Dat heescht, et geet also an Zukunft duer, e Master oder en equivalenten Diplom ze hunn, fir kënnen an d'Direktioun vun deenen zwou Verwaltungen ze kommen.

Vläicht nach e Wuert iwwert d'Aarbechten an eiser Kommissioun. De Projet de loi gouf vun der Madamm Ministesch Backes den 29. Abrëll 2025 deposéiert. Den 11. Dezember an der Kommissioun gouf en analyséiert an och de Rapporter ernannt.

Dann den Avis vum Conseil d'État, deen datéiert vum 11. Juli 2025. Deen hat näischt ze beanstanden, ausser e puer legistesch Virschléi, déi natierlech och vun der Kommissioun iwwerholl gi sinn.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics: Dat war elo, loosse mer soen, net schrecklech iwwerraschend. Hiren Avis ass vum 10. Juli. Dee war natierlech e bësse méi kritesch. Si weist och drop hin, datt technesch Kenntnisser awer nach ëmmer en Atout sinn, wann een enger vun deenen zwou Verwaltungen do virsteet.

Si hieft och ervir, datt déi Leit, déi iwwert d'Carrière ouverte an d'A1-Karriär komm sinn, am Fong duerch den Text hei exclus sinn.

*(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)*

Am Allgemenge warnt dann och d'CHFEP virun Nominatiounen op d'Fonction dirigeante, wou keng Konditiounen direkt verlaangt sinn. Si mengen, dat géif dann och e gewëssene Favoritismus dee Moment opmaachen.

Bon, onofhängeg vun deene puer Kriticken do géif ech Iech awer trotzdeem bieden, dësem wichtege Projet de loi zouzestëmmen. An ech ginn dann och am Numm vun der DP d'Zoustëmmung.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci.

Dann ass d'Fro, ob d'Regierung nach wëllt d'Wuert huelen.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Yuriko Backes,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, fir dem honorabelen Deputéite Gusty Graas e grousse Merci ze soen. Mir hu ganz vill wichteg Verwaltungen, d'Bâtiments publics an d'Ponts et chaussées gehéieren zu deenen. Dofir soen ech Iech alleguerten e Merci fir d'Ënnerstëtzung fir dëse Gesetzesprojet, dee wierklech e Schrëtt a Richtung Modernisatioun vun dëse Verwaltungen ass.

E grousse Merci fir d'Ënnerstëtzung.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minister.

An da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8536 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8536[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8536 et dispense du second vote constitutionnel***

An ech maachen d'Ofstëmmung op. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also à l'unanimité mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer (par Mme Nancy Arendt), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gérard Schockmel), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 17. 8607 – Projet de loi relative à l'adaptation du projet de construction relatif à la réalisation du pôle d'échange Howald et du réaménagement de la rue des Scillas

Op eisem Ordre du jour vun de Mëtteg steet als nächste Punkt de Projet de loi 8607, eng Upassung vum Projet iwwert de Bau vum Pôle d'échange um Houwald an d'Sanéierung vun der Rue des Scillas. D'Riedezäit ass de Basismodell, also 5 Minutte fir jiddwereen, d'Rapportrice huet der 10, d'Regierung 10. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Lies, d'Madamm Claire Delcourt, den Här Michel Lemaire an den Här Meris Sehovic. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Corinne Cahen.

***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

**Mme Corinne Cahen** (DP), rapportrice | Jo, villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Gesetz vum 21. August 2018 autoriséiert de Bau vun engem Pôle d'échange um Houwald an de Reamenagement vun der Rue des Scillas fir e Gesamtmontant vun 130 Milliounen Euro.

Leider geet aus verschiddene Grënn, op déi ech dann elo wäert agoen, de Budget net duer a mer sollen dann haut eng Rallonge stëmmen. Et gëtt Ännerunge bei de Stroossenaarbechten, bei de Sanéierungsaarbechten, bei de Konschtbauten, mee et gëtt och Adaptatioune bei Kompensatiounsmesüren an nach e puer aner Aarbechten, déi eebe musse gemaach ginn. Zousätzlech Aarbechten, dat heescht natierlech och zousätzlech Käschten.

Allerdéngs muss een ënnersträichen, dass et op där enger Säit zu Depassementer kënnt, dass awer op där anerer Säit och e puer Aspuerunge kënne gemaach ginn. Déi ginn awer leider net duer, fir dat ze kompenséieren, wat et op där anerer Säit méi kascht.

Erlaabt mer, e bësselchen an den Detail ze goen, souwuel wat d'Aspuerunge wéi och de Supplement betrëfft. Ugefaange mat 900.000 Euro, déi konnten agespuert ginn doduerch, dass keng spezifesch Chantiersinstallatioune gemaach goufen.

Wat de Budget allerdéngs sprengt, dat ass de Bauschutt. Éier de Buedem, deen ausgebaggert gëtt, op eng Deponie gefouert gëtt, musse cheemesch Analyse gemaach ginn. Déi Analyse sinn néideg fir ze wëssen, ob Schuedstoffer am Buedem sinn oder net. An der Rue des Scillas war et esou, datt net nëmmen d'Mass u Buedem ënnerschat gouf, mee et konnt een am Virfeld och net wëssen, wéi vill Schuedstoffer am Buedem sinn.

Et goung een dervunner aus, dass 1.200 Tonne Buedem missten oftransportéiert ginn. Mëttlerweil sinn et éischter scho ronn 70.000 Tonne Buedem. Dobäi goufen, wéi gesot, och Schuedstoffer am Buedem nogewisen, soudass deen op eng speziell Deponie muss gefouert ginn. De Präis pro Tonn ass deemno vill méi héich, wéi dat ugangs geduecht war a wéi dat och geschat gi war.

Eriwwer da bei de Stroossebau. Bei der Sanéierung vun der Rue des Scillas waren d'Bauaarbechten tëschent dem Rangwee an der Kräizung vum Tram a Richtung Pôle d'échange Houwald virgesinn. Wärend den Aarbechten huet sech awer erausgestallt, datt een d'Strooss weider a Richtung Süden ausbreede kéint.

Do, wou de Rangwee sech mat de Gleise kräizt, sinn zousätzlech Aarbechten ugefall. Zum Beispill hu